



# Fédération du Sport Cycliste Luxembourgeois

Sous le haut patronage de Son Altesse Royale le Grand-Duc Héritier Guillaume



Association sans but lucratif  
reconnue d'utilité publique

Membre du  
Comité Olympique et Sportif  
Luxembourgeois



Affiliée à  
L'Union Cycliste Internationale



et à  
L'Union Européenne de Cyclisme



Stroossen, den 19 Februar 2021

Léif Veräiner, léif Vëlosfrënn,

Am Fréijoer stinn och déi éischt Stroossecourse rëm vrun der Dir.

An dem neie Gesetz vum 19.02.2021 wäert d'Regierung festhalen, dat bis de 15.03.21 just d'Espoirs/Elites u Kompetitioune kënnen deelhuefen, ënnert der Konditioun dat e negative Corona-Test fir all Participant muss virleien.

Als Federatioun proposéiere mir de Wee vum Risikomanagement am plaz vun der Risikovermeidung (wat d'Ofsoe vun alle Coursë géif bedeiten) anzeschloen.

Dëst géif eis bei der Organisatioun vu Manifestatiounen, am Respekt vun den allgemengen Anti-Covid 19 Reegelen, folgend Méiglechkeete bidde fir Athlete kënnen un den Depart ze loossen:

- Negative PCR Test (net méi al wéi 72 Stonnen)
- Negative Schnelltest, sou wéi de MSP se lo zur Verfügung stellt (net méi al wéi 72 Stonnen)
- Negative Spaut-Test (aktuell nach an de Testphasen)

Fir den Organisateur ass et awer souwuel logisteschesch (Unzuel vun den Athleten, déi musse getest ginn, an domadder verbonnen d'Dauer virun der Course) wéi och finanziell (Personal, dat Tester ausféiert, muss aus dem medezineschen oder paramedezineschen Beräich kommen an och entschiedegt ginn) vill méi komplizéiert Schnelltester en Place ze setze wéi dat an de Kollektiv-Sportaarte méiglech ass. Änlech awer wéi an de meeschte Kollektiv-Sportaarte kéint een sech awer virstellen, d'Schnelltester am Veräin den Dag virun der Manifestatioun fir seng Athleten ze maachen, firwat net och an Zesummenaarbecht mat engem Nopeschveräin. Wann dat de Wonsch ass, géif d'FSCL d'Tester bei de MSP siche goen an de Veräiner ginn, déi awer musse mat dem Personal, wat virgeschriwwen ass, testen.

Mir wëllen och all d'Membere vun de Veräiner froen, déi fir d'Formatioun berechtigt sinn, dëst ze maachen, och wa mir de Moment net d'Schnelltester generell benotze wëllen. Sou kënnen mir eis awer all Optiounen kuerzfristeg ophalen. D'Formatioun ass gratis a kann online gemaach ginn. Ënnert dem folgende Link, fannt Der heizou weider Informatiounen, resp. kennt der d'Leit aus dem Gesondheitssecteur fir d'Formatioun umellen <https://www.covid-test-ag.lu/registration/>

Weiderhin hoffe mer dat am Fréijoer d'Spaut-Tester wäerten disponibel sënn.

Aus dëse Grënn, schloe mir vir, dat all Athletin / Athlet een negative PCR Test (net méi al wéi 72h) oder een negative Schnelltest (net méi al wéi 72h) muss virweisen, wann en un den Depart wëll goen.

Mir sinn am Gaang all d'Reglementer a Recommendatiounen z'iwwerschaffen an d'Ännerunge vum Gesetz (vum 21.02.2021) ze verschaffen. Soubal all d'Detailer bekannt sinn, schécke mir dës Informatiounen un all d'Veräiner a setzen se op eise Site.

Gläichzäiteg versiche mer d'Autoritéiten ze iwwerzeegen, dat et op d'mannst sou wichteg ass fir d'Nowuesskategorien nees un den Depart ze loossen. Bis de 15.03.21 bleift et leider awer fir de Moment mol bei den Espoirs/Elites, Dammen an Hären.

Bleift GESOND,

Fir de Conseil d'Administration vun der FSCL,

Christian HELMIG  
Technesche Direkter

Camille DAHM  
President

Ed BUCHETTE  
Generalsekretär

Maison des Sports  
3, route d'Arlon  
L-8009 Stroossen

Tél.: +352 29 23 17  
Fax: +352 29 23 18

www.fscl.lu

Email: info@fscl.lu

compte bancaire  
Banque Raiffeisen  
CCRALULL  
LU17 0090 0000 4099 8007

